Aschreiwungen fir d'Aqua-Couren

- **http://www.lesthermes.net/lu/produkt-lescht/c2/couren.html**

Mir soen Iech villmools Merci, dass dir Iech folgend Informatiounen eng kéier duerchliest.

- Dir sidd een neien Client ? Dann muss dir virun den Aschreiwungen en Clients-Konto opmaachen
- D'Couren ginn zou engem bestëmmten Datum an bestëmmter Auerzäit an eisen E-Shop gesat
- Et bréngt näischt fir dauernd d'Internetsäit ze aktualiséieren, dir verléiert nëmmen Zäit doduerch
- Den Stock vun den Couren kann sech no enger gewësser Zäit erëm änneren, wann z.B. Couren annuléiert ginn oder net bezuelt ginn, stinn des Platzen nees zur Verfügung
- D'Bestellung muss richteg ofgeschloss ginn an et muss een iwwer PayPal oder mat Kreditkaart bezuelen. Et ass net méiglech fir eng Platz ze reservéieren an eréischt méi spéit ze bezuelen
- Wann keng Platz méi am Cour fräi ass, kennt dir är E-Mail Adresse hanner loossen, an dir gitt dann kontaktéiert soubal et erëm eng fräi Platz gëtt
- Dir kennt Maximum zwou Plaatzen pro Cour zesummen reservéieren

Wat brauch ech fir mäin Kur?

- Maillot bzw. Schwammbox
- Grousst Buedduch an/oder Buedmantel
- Aqua-Schong (net fir d'Kannerkuren)
- Schwamm-Pampers fir „d'Aqua-Mini" Kuren
- Schwammkap ass net obligatoresch, mee Hoer ab Schëllerlängt mussen zesummen gebonne sinn

An wat nach… ?

- Check-In 10-15 Minutten virum Cour
- Mat engem SplashBadge/Speedlane, dann brauch dir Iech net méi bei der Keess an d'Réi ze stellen
- Während den Schoulvakanzen ze Lëtzebuerg sinn keng Couren